



**Här Etgen**  
**President vun der Deputéiertechamber**  
**Lëtzebuerg, den 13. Juli 2021**

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d' Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun, un d' Madamm Gesondheetsministesch, un den Här Minister fir sozial Secherheet an un den Här Minister fir Immigratioun weiderzeleeden.

D' Initiative Ronnen Dësch huet elo rezent en oppene Bréif un eenzel Ministère geschéckt fir op d'prekär Situatioun vu Leit opmierksam ze maachen. Betraff si Leit, déi duerch d'Pandemie hir Aarbecht verluer hunn, dat dacks bei Interimsposten an der Restauratioun oder um Bau, déi scho länger am Chômage sinn, respektiv Leit, déi aus hirem Land fortgelaf sinn oder et verlooss hunn, ma awer hei am Land keng Aarbecht fannen.

Eng konkret Hëllef déi de Ronnen Dësch proposéiert, ass eng « Gesondheetshëllef », also eng Hëllef fir Leit, déi keng Krankekeess oder Suen hunn, fir sech Medikamenter ze kafen. De Fond national de solidarité soll all eenzelen Dossier individuell analyséieren a kucken, ob eng Persoun Zougang zu der Hëllef kritt. Wann dëst accordéiert ass, streckt d'CNS d'Sue fir déi Leit vir, déi och eng Kaart kréien. D'Sue kënnen dann dono vum Staat iwweholl ginn.

An dësem Zesammenhang géif ech gär folgend Froe stellen:

- Hunn di eenzel Ministère d'Propose vum Ronne Dësch schon analyséiert ?
- Wa jo, wat ass hir konkret Positioun zu dëser Propose ?

Mat déiwem Respekt

Paul Galles  
Deputierten